

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. Januar 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 5405 zum COVID-Check am Spidolswiese schreift d'Madamm Minister, datt si iwwer kengerlee Donnéeë verfüügt, wéi vill Leit vum Personal geimpft an net geimpft, respektiv geheelt sinn. Et ass also dovun auszegoen, datt dëst och fir de Rescht vun der Populatioun gëllt. Trotzdeem krute Bierger aus all Altersgruppen, déi net geimpft sinn, kee Bréif, fir sech boostereren ze loossen. Anerersäits krute Bierger, déi net geimpft sinn, rezent Aluedunge fir sech déi éischte Kéier impfen ze loossen. Des Weidere kommunizéiert d'Regierung reegelméisseg de Prozentsaz vun de Leit, déi geboostert, geimpft, respektiv net geimpft sinn.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Gesondheitsminister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi eng Impfregëster ginn am Kader vun der COVID-Situatioun gefouert? Wéi eng Donnéeën enthalen se, no wéi enge Modalitéite ginn dës anonymiséiert a wéi laang ginn se gespäichert? Wien huet ënnert wéi enge Konditiounen Zougrieff op dës Regëstere?
- 2) Ginn d'Leit déi sech géint de COVID-19 impfe loossen, iwwert déi an der Fro virdu genannte Modalitéiten informéiert? Wann net, firwat net? Wéi eng Widdersprochsméiglechkeete si virgesinn?
- 3) Ginn déi Donnéeë mat anere Regëstere, zum Beispill deem vun den natierleche Persounen ofgeglach an am Kader vun der Iwwerwaachung vum COVID-Check fir gezillt Kontrolle vun net geimpfte Leit agesat? Falls jo, wéi ginn dës Moosnamen dateschutzrechtlech begrënnt?
- 4) Kann d'Madamm Minister elaboréieren, wéi et méiglech war, gezillt individuell Impfaluedungen ze verschécken, ouni d'Donnéeë vun de Leit ze kennen? Firwat goufen déi eenzel Invitatiounen net als anonymen Toute-Boîte verschéckt?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten